



ALTERNATIV DEMOKRATESCH  
REFORMPARTEI

Groupe parlementaire

Här Mars di Bartolomeo  
President vun der Deputéiertechamber  
19, um Krautmaart  
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 23. Februar 2017

Här President,

Sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madame Gesondheitsminister an un den Här Minister fir sozial Sécherheet weiderzeleeden.

An der Press war den 8. Februar 2017 en Artikel iwver e Medikament, dat soll prophylaktesch géint HIV wierken. Dat kann ee virum Geschlechtsverkéier mat enger infizierter Persoun anhuelen. De Schutz wär awer net 100prozenteg, an d'Medikament wär och bei Männer méi wierksam (op alle Fall méi erfuerscht) wéi bei Fraen. Et sollt also nëmme bei gewësse Gruppe mat erhéichtem Risiko agesat ginn. Dowéinst wär de Gebrauch vun engem Präservativ weider noutwenneg. Am Kader vun engem Lëtzebuerger Pilotprojet soll dat Medikament elo komplett rembourséiert ginn (ronn 500 Euro fir 30 Pëllen).

An dësem Kontext wéilt ech der Madame an dem Här Minister dës Froe stellen:

1. Schaffen Är Servicer un engem Pilotprojet ronderëm déi HIV-Prophylax, déi d'lescht Joer an der EU zougelooss gouf?
2. Wa jo, konzentréiert dee Projet sech bei de Versuchspersonen op homosexuell Männer an Transgender als Grupp mat erhéichtem Risiko, oder gëtt et nei Erkenntnisser iwver d'Wierksamkeet vun der Prophylax bei Fraen an aner Risikogruppen, wéi z.B. Drogenofhängeger?
3. Gëtt et nei Erkenntnisser iwver d'Wierksamkeet vum Medikament an der Prophylax oder sinn déi Presseberichter, déi vu 86 Prozent bei regelméissegem Anhuele schwätzen, korrekt?
4. Wat sinn d'Konditiounen fir an deem Pilotprojet, esou wäit esou een zu Lëtzebuerg geplangt ass, matzemaachen?
5. Wéi vill Wäert gëtt an deem Projet op de classesche Schutz duerch Präservativer geluecht?
6. Ass et an Ären Ae sënnvoll, e ganz deiert Medikament ze rembourséieren, dat deelweis soll ee prophylakteschen Notze géint HIV hunn, wann ee sech duerch

relativ bëlleg aner Verhalensweisen oder Mëttelen esou schütze kann, datt de Risiko vun enger Ustiechung mat dem HI-Virus relativ geréng ass?

7. Gesinn d'Ministeren net de Risiko, datt dëst Medikament zu engem erhéichte Risikoverhale ka féieren, well et eventuell bei verschiddene Leit d'Illusioun vun engem zouverlässege Schutz kann erviruffen?
8. D'Krankekeess hat bis ewell eng relativ strikt Haltung, wat Prophylax ugaangen ass. Ech zitéieren d'Madame Minister fir Gesondheet a sozial Sécherheet Marie-Josée Jacobs aus hirer Äntwert op eng parlamentaresch Fro aus dem Joer 2000 iwver d'Malaria-Prophylax: „... la philosophie à la base des statuts de l'Union des Caisses de Maladie se fonde sur la considération que les prestations de l'assurance-maladie ... ne doivent pas servir à la couverture de risques de santé auxquels s'exposent les assurés volontairement pour leur convenance personnelle ...". Huet sech un där Positioun vun der Union des Caisses de Maladie eppes geännert? Betrëfft déi Ännerung iwver kuerz oder laang och déi virdrun ugeschwate Malaria-Prophylax oder aner prophylaktesch Mëttelen?

Mat déiwem Respekt,



Fernand Kartheiser  
Deputéierten